LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 12 août 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 AOUT 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°770 du 7 juin 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les bornes de recharge pour véhicules électriques, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et du Ministre de l'Énergie et de l'Aménagement du Territoire à la question parlementaire n° 770 du 7 juin 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN

Den honoréierten Deputéierten Marc Goergen freet Informatiounen iwwert d'Elektroautoen an Opluedstatiounen.

1. *Besëtzen d'Ministeren aktuell Zuelen an Erklärungen zu der Part vum Elektroautoen zu Lëtzebuerg?*

2018 waren ca. 1,8% vun den nein Umeldungen vun Autoen (Kategorie M1) entweder 100% Elektroautoen oder Plug-in Hybriden. Dëst Joer goufen vu Januar bis Enn Mee insgesamt 547 Elektroautoen an 237 Plug-in Hybriden nei ugemellt. Dëst entsprécht engem Taux vun 2,9% bei de neien Umeldungen. Enn Mee waren och insgesamt 3.402 Elektroautoen a Plug-in Hybriden zu Lëtzebuerg zougelooss.

2. *Sinn déi an menger Introduktioun genannten Etüde schonn finaliséiert? Falls nee, wéi wäit sinn d'Ministèrë mat der Aarbecht un dësen Etüden? Wéini gedenken d'Ministeren déi genannten Etüde ze publizéieren?*

Déi ernimmten Etudën zu de Schnellladestatiounen op den Autobunnstankstelle sinn nach net ofgeschloss. Dëst ass awer fir am Laf vun dësem Joer geplangt.

3. *An eisem Nopeschland Däitschland investéieren zur Zäit grouss Autosfirmen an de Réseau vun de privaten Opluetstatiounen. Wäert d'Regierung sech an deem Kontext um däitsche Modell orientéiere fir private Firmen d'Méiglechkeet ze ginn an den Energieréseau ze investéieren?*

Eng flächendeckend Luedinfrastruktur fir Elektroautoen an Plug-in Hybriden gëtt am Moment duerch d'Luedinfrastruktur geschaf. Bis Enn 2020 wäerten d'Stroumnetzbedreiwer eng 800 "Chargy" Bornen am ganzen Land installéieren.

Do dernieft kënne schonn haut privat Akteuren och op nët ëffentlechen Terraine, wéi zum Beispill Parkingen vu Supermarchéën, Opluetstatioune fir Elektroautoen installéieren. Dës kënnen dann och an den Chargy-Réseau integréiert ginn ("Chargy OK") an doduerch fir de Benotzer d'selwescht fonctionnéiere wéi déi aner 800 Opluetstatiounen.